



Luxembourg, le 04 NOV. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2987 du 14 octobre 2020 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant le bâtiment de l'ancien Athénée à Luxembourg-Ville, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François BAUSCH, a vun der Kulturministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro n°2987 vum 14. Oktober 2020 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert " Bâtiment de l'ancien Athénée à Luxembourg-Ville"

1. Fro :

Firwat gëtt den Haff vun dësem Gebai net méi gefleegt, esou datt dëse propper an net voller Onkraut ass ?

Den Haff gëtt nach ëmmer regelméisseg ënnerhalen. Ofhängeg vun der Joreszäit, kann et sinn, dass mat Momenter méi Ënnerhalt ufält. Zu dësen Zäitpunkten wäerten vun de Servicer vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten zousätzlech Moosnamen geholl ginn.

2. Fro :

Ass dëst Gebai genuch securiséiert, grad och am Hibléck op d'Muttergottesstatu am Haff Richtung Ënneschtgaass ?

Säit dem Hierscht d'lescht Joer gëtt ee mol pro Dag vun engem Sécherheitsbeamte kontrolléiert ob am a ronderëm d'Gebai alles an der Rei ass. Ënner anerem ass d'Sécherheet vum Gebai och duerch eng Feiermeldeanlag assuréiert. D'Paart fir an den ale Schoulhaff an deem d'Muttergottesstatu an enger Mauernisch steet ass Dag an Nuecht zougessaart. Ier d'Nationalbibliothék op de Kierchberg geplënnert ass, war d'Situatioun vun dësem Haff an der Nuecht di selwecht wéi elo. Zur Zäit vun der Nationalbibliothék war den Haff am Dag fräi zougängelech.

3. Fro :

Wéini leet d'Regierung der Chamber e Konzept fir déi zukünfteg Notzung vum Gebai vir ?

De neie Programm, deen de 16. September 2020 vum Regierungsrat approvéiert ginn ass, gesäit vir, dass d'Gerichtsverwaltung zousätzlech Raimlechkeeten an der aler Nationalbibliothék kritt, an zwar vir di dräi Handelskummere vum Bezirksgericht vu Lëtzebuerg. Um Rez-de-Chaussée sinn ëffentlech Funktiounen geplangt.

En Datum fir der Chamber d'Konzept fir déi zukünfteg Notzung vum Gebai virzestellen läit nach net fest.